INSTITUT NATIONAL DES LANGUES LUXEMBOURG

ZLO
ZERTIFIKAT LËTZEBUERGER ORTHOGRAFIE

ZLO - Allgemeng Bestëmmungen

Responsabilitéit iwwert d'Kenntnis vun den Examensdetailer

De Kandidat kritt bei senger Aschreiwung déi definitiv Detailer vum Test (Datum, Auerzäit, Plaz). Hien ass selwer responsabel, sech am Viraus iwwert d'Plaz ze informéieren, a soll op d'mannst 15 Minutte virum offiziellen Ufank vum Test op der Plaz sinn.
An den Examenssall ginn ausschliisslech déi Kandidaten eragelooss, déi fir dee bestëmmten Dag offiziell convoquéiert gi sinn.

Identitéitskontroll

Beim Test muss de Kandidat déi selwecht Identitéitspabeiere virweisen, déi am Aschreiwungsdossier ugi sinn. Kandidaten, déi sech den Dag vum Test net ausweise kënnen, däerfen net um Test deelhuelen, a kréien och keng Aschreiwungskäschten zeréckbezuelt.

Verspéidung an onentschëllegt Feelen

E Kandidat, deen den Datum oder d'Auerzäit vum Test net respektéiert, gëtt vum Test ausgeschloss. D'Aschreiwungskäschte ginn net zeréckbezuelt, an et besteet kee Recht op en Transfert op eng aner Sessioun. Am Fall vu force majeure (z. B. Krankheet, Accident oder Stierffall an der Famill) muss de Kandidat bannent 5 Deeg, vum Datum vum Test un, e Justificatif vun enger offizieller Instanz (z. B. en Dokterzertifikat) areechen.
Den Institut national des langues Luxembourg kann d'Aschreiwung an dësem Fall op eng méi spéit Sessioun verleeën, bannent enger Period vu maximal 6 Méint, gerechent vum Aschreiwungsdatum un.

Opginn

Wann e Kandidat den Examenssall verloosse wëllt, muss hien dat dem Surveillant matdeelen.
D'Verloosse vum Sall gëtt als Opgi vum Test ugesinn, an d'Aschreiwungskäschten ginn net zeréckbezuelt.

Ausschloss

Nëmmen d'Surveillanten däerfen op Froe vun de Kandidaten äntweren.
All Kommunikatioun tëschent de Kandidate wärend dem Test ass verbueden a gëtt als Täuschungsversuch ugesinn. All Versuch ze fuddelen, féiert automatesch zum Ausschloss vum Test.

Autoriséiert Material

De Kandidat däerf nëmmen e Pass oder eng Identitéitskaart mat an den Examenssall huelen.
All aner Géigestänn (z. B. Posch, Mantel, Handy, aner elektronesch Apparater, Aueren asw.) musse virum Test am Vestiaire gelooss ginn.

Et ass net erlaabt, Iessen oder Gedrénks mat an den Examenssall ze huelen.

Stroumausfall oder onerwaart Virfäll

Am Fall vun enger Stroumënnerbriechung, engem Wifi-Ausfall oder engem aneren onerwaarte Virfall bleiwen d'Kandidaten op hirer Plaz sëtzen a schwätzen net mateneen.

Am Fall vun enger Widderhuelung vum Test gëtt de Kandidat schréftlech iwwert den Datum an d'Auerzäit informéiert.